Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs, 2
Référence: 490/18
25 JUIL. 2018
A traiter par:
Copie à:

CSV
FRAKTIOUN

?952

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Juli 2018

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert déi néi Waasserschutzzonen am Stauséigebitt un d'Madame Minister fir Ëmwelt an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

De Projet de règlement grand-ducal fir d'Fixéiere vun de Schutzzone ronderëm de Séi vun der Uewersauer ass am Moment an der Diskussioun. An der Press war ze liesen, dat et am Kontext vum zukünftege Waasserschutzkonzept um Stauséi ëm d'Iwwerliewe vun enger Parti Bauerebetriber geet.

Dowéinst wëlle mir deene béid Ministere folgend Froe stellen:

- Wéi enk war de Landwirtschaftsminister beim Ausschaffe vun dem Projet de règlement grand-ducal agebonnen? Wat ass d'Positioun vum Landwirtschaftsminister? Si konkret Upassungsvirschléi vum Landwirtschaftsministère a senge Verwaltungen an de Projet de règlement vun de Schutzzonen agefloss?

- War d'Beruffsvertriedung beim Ausschaffen vun de Schutzzonen an den entspriechenden Virschrëften agebonne?

- Ass et net ee Widdersproch organesch Düngung op enger Rei Flächen ganz ze verbidden, mee mineralesch Düngung zu der maximaler Dosis vun der Nitratdirektiv ze erlaben? Besteet net de Problem, datt ouni Organik een Ofbau vum Humus geschitt, an de Buedem seng biologesch Funktiounen net méi erfëllt?

- Firwat gëtt de mineraleschen Dünger bevirzugt? Firwat ass hei net op eng Begrenzung vun den Nährstoffrr pro ha mat entspriechender Technik beim Ausbrénge vu Wirtschaftsdünger gesat ginn? Firwat gëtt hei net un eng positiv Approche an Zesummenaarbecht mat der LAKU („Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer") geduecht?

- Firwat gëtt bei der Beweedung mat zweeërlee Moss geschafft? Firwat gëtt bei der „normaler" Beweedung eng ganz Réi Restriktiounen obgelëscht, bei der Beweedung am Kader vun engem Biodiversitéitsprogramm ass souguer eng Ganzjoeresbeweedung méiglech ? Firwat kann een eng Ganzjoeresbeweedung net ënnert ähnleche Waasserschutz-Konditioune wéi am Biodiversitéitsreglement virgesinn erlaben?

- De Projet gesäit bei de landwirtschaftleche Bauten, de Vergréisserungen an den Ëmännerunge vir, datt des geneemegungspflichtig sinn. Wéi eng zousätzlech Bestëmmunge ginn et heizou (nieft de Bestëmmungen am Naturschutzgesetz etc)? Kommen hei zousätzlech Oplagen?
- Och den Gebrauch an den Entretien vun den Drainagen ass geneemegungspflichtig. Wéi eng zousätzlech Bestëmmunge ginn et hei am Verglach zum Naturschutzgesetz?

- Gëtt öffentlech gemaach, wéi eng Konditiounen ee muss erfëlle fir bestëmmten Autorisatioune kënnen ze kréien?

- Wäerten d'Entschiedegunge fir landwirtschaftlech Notzflächen an deene verschiddene Schutzzone bekannt sinn éier déi offiziell Ëffentlechkeetsprozedur uleeft? Ass gekläert op wéi enger legaler Basis dës geplangten Entschiedegungen ausbezuelt ginn?

Martine Hansen **Marco Schank**

Députéiert

Réponse commune de la Ministre de l'Environnement et du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n°3952 du 24 juillet 2018 des honorables députés Madame Martine Hansen et Marco Schank

Generell ass et wichteg ervirzehiewen, datt ronderëm de Stauséi schonns zanter 1961 een Drénkwaasser-Schutzgebitt mat enger ganzer Rei vun Oploe besteet. Aus guddem Grond: 50% vum nationalen Drénkwaasser kënnt vum Stauséi a 70% vun der Populatioun, dorënner och d'Bierger aus dem Norden, kréien hiert Drénkwaasser vum SEBES. Well awer laut Analysen ze vill Nährstoffer am Stauséi fonnt ginn, musse Mesurë geholl gi fir datt d'Qualitéit ofgeséchert gëtt. Dëst ass ëmsou méi wichteg, well d'Populatioun zu Lëtzebuerg ëmmer méi séier wiisst a mir mussen eis Drénkwaasserversuergung sécherstellen.

D'reglementaresch Basis vun dëser Schutzzon gëtt dowéinst elo op Basis vun enger wëssenschaftlecher Étude iwwerschafft an de Projet de règlement grand-ducal ass nom Accord vum Regierungsrot zanter dem 16. September 2018 an der Consultation publique. Dës Prozedur steet am Artikel 44 vum Waassergesetz an ass bei allen Drénkwaasserschutzzonen déi selwecht an et ass evident, datt et, wéi bei deenen aneren Drénkwaasserschutzzonen och, op Basis vun den Avise vun de Bierger nach zu Ännerungen am Projet de règlement grand-ducal komme kann.

Eng ganz Rei Reegelunge si scho virum Ufank vun der Consultation publique kloergestallt ginn: et ass beispillsweis net verbuede bei sech doheem ze grillen, oder ronderëm de Stauséi ze reiden an och d'Lagerung vu puer Kouerten Holz bei sech doheem ass nët verbueden. De Prinzip soll sinn: esou wéineg Aschränkunge wéi néideg, esou vill fräiwëlleg Moossname wéi méiglech.

Donieft gëtt och op intensiven Dialog gesat: Insgesamt 18 Reuniounen, bzw. ëffentlech Versammlunge waren zanter Abrëll 2018 bis elo zur geplangter Waasserschutzzon. Den 12. September sinn déi 6 betraffe Gemenge vun der Ëmweltministesch empfaange gi fir iwwert eng Rei Ännerungsvirschléi am Projet de règlement grand-ducal ze diskutéieren. Den 13. September goufen all landwirtschaftlech Betriber aus dem Anzuchsgebitt vum Stauséi invitéiert fir iwwert verschidde Punkten am Beräich Landwirtschaft ze schwätzen. Den 13. September huet ausserdeem eng Informatiounsversammlung fir d'Bierger zu Lëlz stattfonnt. An all dëse Versammlungen ass konstruktiv diskutéiert ginn an souwuel d'Gemenge wéi och déi landwirtschaftlech Betriber hunn den Ännerungsvirschléi positiv zougestëmmt.

Wichteg ass och ervirzehiewen, datt d'Regierung sech engagéiert d'Bauere fir Oploen, déi si am Kader vun dëser Schutzzon kréien an domadder hir Leeschtunge fir konkrete Waasserschutz och finanziell Hëllefsstellungen ze ginn. Dat ass ee wichtegt Element vun der Waasserschutzpolitik.

Schonns zanter 2016, deemno virun der neier Schutzzon, goufen am Kader vum Pilotprojet "Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer" (LAKU) ronn 1,2 Milliounen Euro aus dem Waasserfong vum Ëmweltministère accordéiert, fir Moossnamen zesumme mat de landwirtschaftleche Betriber ëmzesetzen. An Zukunft, kënne bis zu 5 Milliounen Euro jäerlech iwwert dëse Wee fir konkret Waasserschutz-Projeten an d'Regioun ronderëm de Stauséi fléissen.

Och vum Landwirtschaftsministère wäerte fir fräiwëlleg Moossnamen a fir déi obligatoresch Aschränkungen op de Flächen Ënnerstëtzunge fléissen.

Wéi enk war de Landwirtschaftsminister beim Ausschaffe vun dem Projet de règlement grand-ducal agebonnen? Wat ass d'Positioun vum Landwirtschaftsminister? Si konkret Upassungsvirschléi vum Landwirtschaftsminister a senge Verwaltungen an de Projet de règlement vun de Schutzzonen agefloss?

Wéi dat fir all Drénkwaasserschutzzon de Fall ass, ginn déi concernéiert Verwaltungen a Ministèren beim finaliséiere vum Avant-projet de Règlement grand-ducal agebonnen. Am Fall vum Avant-projet de Règlement grand-ducal fir d'Drénkwaasserschutzzonë ronderëm de Stauséi, goufen ënnert anerem Reuniounen mam Landwirtschaftsministère, mat der ASTA a SER, mam Tourismusdepartement vum Wirtschaftsministère, der Ponts & Chaussées, an der ANF organiséiert.

War d'Beruffsvertriedung beim Ausschaffe vun de Schutzzonen an den entspriechende Virschrëften agebonne?

D'Regierung huet awer vun Ufank un op eng gutt Kooperatioun mat allen Acteuren am Beräich Waasserschutz ronderëm de Stauséi gesat. Fir fräiwëlleg Mossnamen ze begleeden, sinn zanter 2016, duerch d'Grënnung vun der "Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer" (LAKU), de Baueren an der Regioun Berodung a finanziell Hëllefsstellungen an der Héicht vun 1,2 Milliounen Euro zoukomme gelooss ginn. D'Erkenntnisser vum Pilotprojet LAKU sinn och an den Entworf fir den neie Règlement grand-ducal fir d'Waasserschutzzon agefloss.

Nodeems den "Avant-projet de règlement grand-ducal" vum Regierungsrot approuvéiert gouf (22. Juni 2018), sinn zousätzlech, am Kader vun den offizielle Prozeduren, d'Landwirtschaftskummer, wéi déi aner Kummeren och, ëm hiren Avis gefrot ginn. Dëst ass den 7. Juli 2018 geschitt.

Ass et net ee Widdersproch organesch Düngung op enger Rei Flächen ganz ze verbidden, mee mineralesch Düngung zu der maximaler Dosis vun der Nitratdirektiv ze erlaben? Besteet net de Problem, datt ouni Organik een Ofbau vum Humus geschitt, an de Buedem seng biologesch Funktiounen net méi erfëllt?

Dëst ass kee Widdersproch zu de bestoenden Texter. Do wou organesch Dünger verbuede sinn, geschitt dëst nämlech aus sanitäre Grënn resp. wéinst Micropolluanten (z.B. Verschmotzung duerch Colibakterien an direkter Ëmgéigend vum Stauséi a vun der Waasserentnam). Dëst huet näischt mat Makronährstoffer wéi Stéckstoff oder Phosphor ze dinn. D'Stéckstoff- an d' Phosphor-Problematik gëtt do, wou et néideg ass, am Projet de règlement grand-ducal separat iwwert verschidde Moossnamen behandelt, déi och deels méi wäit gi wéi déi aktuell Bestëmmunge vun dem Nitratreglement.

Wat d'organesch Substanz resp. den Humus vum Buedem ubelaangt, ginn et verschidde Méiglechkeeten, fir déi am Buedem op dem erwënschten Niveau ze halen (z.B. duerch d'Aséien vun Tëschefriichten, dem verstäerkten Ubau vun "humusmehrenden" Kulturen, dem Verbleiw vu Réckstänn no der Recolte op der Ackerfläch,...). Op dësem Standuert muss dëst an der Praxis fachlech suivéiert an evaluéiert ginn.

Firwat gëtt de mineraleschen Dünger bevirzugt? Firwat ass hei net op eng Begrenzung vun den Nährstoffer pro Hektar mat entspriechender Technik beim Ausbrénge vu Wiertschaftsdünger gesat ginn? Firwat gëtt hei net un eng positiv Approche an Zesummenaarbecht mat der LAKU («Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer") geduecht?

Et ass falsch, aus dem bestoenden Text erauszeliesen, datt de mineraleschen Dünger am Projet de règlement grand-ducal bevirzugt gëtt. D'Oplagen, déi am Projet de règlement grand-ducal virgesi sinn, riichte sech op déi jeeweileg Pressioun, respektiv Gefor/Geforepotential.

Et ass och net esou, datt am Projet de règlement grand-ducal keng Begrenzung vun de Nährstoffer pro Hektar virgesi wier. Do wou eng Begrenzung vun den Nährstoffer pro Hektar noutwenneg ass, geschitt dat. Et ass awer och esou, datt mat dësem Projet de règlement grand-ducal net alles gereegelt soll ginn, wat national ze reegelen ass, wéi z.B. mat wat fir enger Technik Dünger mussen ausbruecht ginn. Duerfir hu mir een Nitratreglement fir dëst landeswäit ze reegelen.

Et gëtt bei dësem Projet de règlement grand-ducal och bewosst op d'Fräiwëllegkeet vun den Acteure gesat. Dëst ass och Bestanddeel vun der PDR-Strategie. Et ass erwënscht, datt d'Bauere sech un de fräiwëllege waasserschützende Moossnamen vum Agrar-Ëmwelt-Programm respektiv vum Biodiversitéitsprogramm bedeelegen. Dës Méiglechkeet besteet just, wann et kee Verbuet respektiv keng ze grouss Aschränkunge gëtt. Et ass och bekannt, datt de kooperative Wee flächendeckend méi Erfolleg versprécht wéi Verbueter eleng, esou wéi aner Programmer et schonns gewisen hunn. Dowéinst gëtt d'Landwirtschaftlech Kooperatioun Uewersauer (LAKU) finanziell vum Ëmweltdepartement vum Nohaltegkeetsministère duerch de Waasserfonds ënnerstëtzt.

Firwat gëtt bei der Beweedung mat zweeërlee Mooss geschafft? Firwat gëtt bei der „normaler" Beweedung eng ganz Réi Restriktiounen opgelëscht, bei der Beweedung am Kader vun engem Biodiversitéitsprogramm ass souguer eng Ganzjoeresbeweedung méiglech ? Firwat kann een eng Ganzjoeresbeweedung net ënnert ähnleche Waasserschutz-Konditioune wéi am Biodiversitéitsreglement virgesinn erlaben?

Och bei der Beweedung gëtt net mat zweeërlee Mooss geschafft. All Beweedungsform ënnert Agrar-Ëmwelt-Programm oder Biodiversitéitsprogramm ënnerläit aktuell bestëmmten a kloer definéierte Bedingungen. An do, wou et néideg ass, wäert d'Beweedung ageschränkt ginn, esou wéi et och elo schonns deels an den aktuelle sanitäre Schutzzonen de Fall ass. D'Ganzjoeresbeweedung,– - , ënnerläit am Biodiversitéitsreglement bestëmmte Konditiounen, déi besonnesch op den Naturschutz ausgeriicht sinn. E groussen Deel vum Anzuchsgebitt vum Stauséi ass an engem Naturschutzgebitt (LU0001007 Vallée supérieure de la Sûre / Lac du barrage, LU0002004 Vallée supérieure de la Sûre et affluents de la frontière belge à Esch-sur-Sûre, RN ZH 16 Vallée de la Haute-Sûre - Bruch/Pont Misère). Wa méiglech solle Synergien tëscht Waasserschutz an Naturschutz gesicht a fonnt ginn, woubäi am Stauséigebitt d'Prioritéit ganz kloer beim Waasserschutz läit. D'Moossnam "Ganzjoeresbeweedung" bitt de Bewirtschafter eng gutt Méiglechkeet, déi 2 Ziler mateneen ze verbannen.

De Projet gesäit bei de landwirtschaftleche Bauten, de Vergréisserungen an den Ëmännerunge vir, datt dës geneemegungsflichteg sinn. Wéi eng zousätzlech Bestëmmunge ginn et heizou (nieft de Bestëmmungen am Naturschutzgesetz etc)? Kommen hei zousätzlech Oplagen?

Et sief drun erënnert, datt säit dem modifizéierte Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 dës Bauten (awer och all aner, déi net ënnert den Artikel 23 vum Gesetz falen) eng "Waassergeneemegung" brauche fir Aleeden vu Waasser. All Bauten, déi haut schonn an der bestoender sanitärer Schutzzone II leien, brauche schonn haut eng Waassergeneemegung, an zwar iwwert den Artikel 3 vum Règlement grand-ducal vum 16. Dezember 2011, deen d'Installatiounen, Aarbechten an Aktivitéiten determinéiert, déi entweder verbuede sinn oder

eng Autorisatioun mussen hunn an der sanitärer Schutzzone II vum Stauséi vun Esch/Sauer. Weiderhinn ass de Bau vu Wunn- a Weekendhaiser, Garagen, Ställ, Scheieren, Siloen, Atelieren an Industrie- a Commerce-Etablissementer duerch den Artikel 3 vum Gesetz vum 27. Mee 1961 betreffend de Moossname fir déi sanitär Protektioun vum Stauséi vun Esch/Sauer an der Schutzzone I schonn zënter Mee 1961 verbueden.

Datt eng Waassergeneemegung muss ugefrot ginn ass also keng nei Konsequenz vum proposéierte Projet de règlement grand-ducal. Wat d'Behandlung, d'Pufferung an d'Ofleede vu Reewaasser ubelaangt, gi landwirtschaftlech Bauten an enger Schutzzone net anescht behandelt wéi ausserhalb vun enger Schutzzone. Et ännert sech also näischt par rapport zu den aktuelle Bestëmmungen, déi landeswäit gëllen.

Well all Site anescht ass an och d'Geforen, déi vum eenzele landwirtschaftleche Betrib ausginn, net ëmmer déi selwecht sinn, muss all eenzele Site evaluéiert an déi néideg Moossname geholl ginn. Hei kommen en Fonctioun vum Risiko eventuell zousätzlech waasserschützend Oplagen op déi betraffe landwirtschaftlech Betriber duer, fir d'Verschmotzung vum Waasser ze verhënneren (z.B. Ofdichtungen vun Siloen a Mëschtplacken).

Och den Gebrauch an den Entretien vun den Drainagen ass geneemegungsflichteg. Wéi eng zousätzlech Bestëmmunge ginn et hei am Verglach zum Naturschutzgesetz?

Nei Drainagë sinn och haut schonns laut dem Waassergesetz landeswäit geneemegungsflichteg. Sollt et zu spezifesche Problemer mat den Ausleef vun Drainagë kommen, géifen déi an den ze etabléirende Geneemegunge ganz spezifesch gereegelt ginn. Et ännert sech also näischt par rapport zu den aktuelle Bestëmmungen, déi landeswäit gëllen.

Gëtt ëffentlech gemaach, wéi eng Konditiounen ee muss erfëlle fir bestëmmten Autorisatioune kënnen ze kréien?

Jo. Et sief drun erënnert, datt et wéineg Büroen zu Lëtzebuerg ginn, déi Planunge vu landwirtschaftleche Betriber maachen. D'Waasserverwaltung schafft dofir säit Joren aktiv mat deene Büroen (an dem betraffene Landwirt) zesummen, sou datt d'Konditiounen an Oplagen, déi fir eng Waassergeneemegung néideg sinn, bekannt sinn a scho vun Ufank un an d'Planung mat afléisse kënnen. Donieft stinn d'Beamten vun der AGE ëmmer fir Gespréicher a Versammlunge mat de Betraffenen zur Verfügung. Op der Internetsäit vun der AGE ginn et och Formulairen, déi spezifesch fir déi Geneemegunge mat den néidegen annexéierten Dokumenter hiweisen. Et sief drop higewisen, datt déi Dossieren, déi direkt korrekt an integral richteg era kommen, och kënne schnell an onbürokratesch autoriséiert ginn.

Wäerten d'Entschiedegunge fir landwirtschaftlech Notzflächen an deene verschiddene Schutzzone bekannt sinn éier déi offiziell Ëffentlechkeetsprozedur uleeft? Ass gekläert op wéi enger legaler Basis dës geplangten Entschiedegungen ausbezuelt ginn?

Fir d'éischt muss och an dësem Kontext nach eng Kéier rappelléiert ginn, datt mer zu Lëtzebuerg eng volontaire Approche privilegéieren. Deemno kënnen och an den Waasserschutzzone vum Stauséigebidd all relevant Agrarëmwelt- respektiv Biodiversitéitsmossnahmen aus dem Agrargesetz ëmgesat ginn.

Et ass och virgesi fir genau esou wéi an den anere Waasserschutzgebidder eng zousätzlech Entschiedegung op de landwirtschaftlechen Notzflächen auszebezuelen. Dës Basisprime wäert och op dem PDR (Programme de développement rural 2014-2020) baséieren a wäert pro Joer a pro Hektar ausbezuelt ginn.

Aktuell ass dës Prime mat den horizontalen obligatoresche Bestëmmungen aus de Grondwaasserschutzgebidder zu Bréissel am PDR notifiéiert.

Am Stauséigebidd handelt et ech awer ëm en Oberflächenwaasserschutzgebidd wou dës Konditiounen net an allen Detailer vergläichbar sinn. Dowéinst muss de PDR ob dësem Punkt ergänzt ginn, besonnesch wat d'Justification économique vun dëser Prime ugeet. Dëst kann eréischt geschéie wann déi definitiv Konditioun vum Waasserschutzreglement um Stauséi no der Ëffentlechkeetsprozedur bekannt sinn.